Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. August 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Banneminister weiderzeleeden.

Esou wéi et an engem Onlineartikel vun der däitscher Zeitung "*Die Welt*" ze liesen ass, huet déi däitsch Bundespolizei am Kader vun de Grenzkontrollen 869 Leit déi wollten illegal an eist Nopeschland areesen, op Lëtzebuerger Terrain zeréckverwisen. An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 1214 zu deem selwechten Thema hat den Här Minister ë.a. dat hei geschriwwen: "*An deene Fäll, wou d'Police Kenntnës vun enger Rückführung huet, deelen déi däitsch Kolleegen d'Identitéit an d'Ursprungsland vun der betraffener Persoun matt*".

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Banneminister gär dës Froe stellen:

1) Huet déi däitsch Police eisen nationalen Autoritéiten d'Identitéit an d'Ursprongsland vun deenen 869 Persoune matgedeelt? Falls nee, gesäit de Minister dann eng Demande un déi däitsch Regierung vir, fir déi entspriechend Informatiounen nodréiglech zougestallt ze kréien?
2) Wéi vill vun deenen 869 Persounen halen sech aktuell weider zu Lëtzebuerg op an ënnert wéi engem Statut?

Mat déiwem Respekt,

Keup
Fred Keup
Deputéierten